

«Freier wor alles-»

eng satiresch Chronik
vun de 60^{er} Jore bis haut...

vun a mam
Jules Arpetti
a Jhemp Hoscheit

Fotos: Claude Piscitelli



Samschdes, 28. Mäerz 2020

**20:00 Auer, Al Schmelz,
Stengefort**



Schmelz *Kultur*
Stengefort

Reservatiounen um Tel.: 399313-209
oder per Mail : claudine.gillen@steinfort.lu

Präiss: 15 EUR / 10 EUR fir Kanner

«FRÉIER WOR ALLES —»

ENG SATIRESCH CHRONIK VUN DE 60ER JORE BIS HAUT VUN A MAM JHEMP HOSCHEIT A JULES ARPETTI

An hirem zäithistoresche Réckbléck kucken déi zwée Artisten op eng virdigital Zäit zrëck. D'Zäiten ännere sech, heescht et, an dat an engem Tempo, datt een net méi richtig nokënnt. Märlafen dem Fortschrëtt hannendrun an en ass eis ëmmer e Schrëtt viraus.

No 'Sorry fir deen Duercherneen' (2017) a 'Märd alors!!!' (2019) ass dës nei kabarettistesche Liesung eng ofwiesslungsräich, satiresch Zäitrees vun de 60er Jore bis haut. Vum Analoge bis zum Digitalen: Vum Schlappekino bis zum Netflix, vum Haustelefon bis zum iPhone, vun der Musekcassette bis zum Streaming, vum Thé Dansant bis zur Technoparty, vum Homo erectus bis zum Smombie. A Floppy, Dolby a Wifi ware keng Disney-Figuren ... Humor, Ironie a Wuertwitz verbanne sech mat enger Dosis Nostalgie an natierlech mat de passende Lidderzitate aus där Zäit. Vergaangenes gëtt awer net nëmme just opgewiermt, mee kritesch hannerfrot a mat Aktuellem opgekacht.

De Jhemp Hoscheit trëtt am Rollespill an am Dialog mam Museker a Gitarrist Jules Arpetti op, deen net nëmme kabarettistesche Textinterpret ass, mee och mat de passende Songen an Oldies fir déi zousätzlech musikalesch Ambiance suergt.